N°446
Entrée le 16.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 446 vum 8. Mäerz 2024 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

*1. Firwat gëtt et dës Reegelung vun den 12 Konsultatiounen?*

D'Limitatioun vun der Prise en Charge vun zwielef Consultatiounen oder Visitte vum Hausdokter oder dem Spezialist an der selwechter medezinescher Disziplin pro Semester, ass am Artikel 36, Alinea 1, Punkt 3 vun de Statute vun der Gesondheetskeess (CNS) virgesinn, an entsprëcht dem Wëlle vum Gesetzgeber fir eng gutt Gestioun ze garantéiere vun ëffentleche Gelder a punkto Gesondheets- a Maternitésversécherung duerch eng entspriechend Ofdeckung vun de Gesondheetsprestatiounen, ouni datt et iwwert dat eraus geet wat nëtzlech an néideg ass (Artikel 23 vum Code vun der sozialer Sécherheet).

*2. Wéi vill Persounen hunn déi 12 Konsultatiounen an de leschte 5 Joer iwwerschratt an hunn dofir mussen eng speziell Erlabnis vun der CNS kréien fir de Remboursement?*

De folgenden Tableau weist d'Zuel vu Fäll a Patienten déi zwielef Consultatioune pro Semester no Dokterspezialitéit iwwerschratt hunn (normal Consultatiounen, majoréiert Consultatiounen, Consultatioune bei engem Spezialist a Visitten am extra-hospitalier) fir d'Joren 2019 bis 2023[1]:

[1] - Unzuel u Patienten : Gesamtzuel vun ënnerschiddleche Patienten, déi an op d'mannst engem vun deenen 2 Semestere méi wéi 12 Consultatiounen haten
- Unzuel u Fäll : Gesamtzuel vun de Kéiere wou dës Patiente méi wéi 12 Consultatiounen an engem Semester vum betreffende Joer haten
- Dat éischt Semester vum Joer geet vu Januar bis Juni an dat zweet Semester vum Joer geet vu Juli bis Dezember. Een nämmlechte Patient kann innerhalb vun engem Joer 2 Fäll hu wann en a béid Semester méi ewéi 12 Consultatiounen hat. Dat heescht, een nämmlechte Patient huet entweder 1 Fall (en hat also an engem vun deenen zwee Semester méi ewéi 12 Consultatiounen) oder 2 Fäll (wann en an deenen zwee Semester méi ewéi 12 Consultatiounen hat).

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

| **Joer** | **Unzuel u Patiente** | **Unzuel u Fäll** |
|---|---|---|
| 2019 | 87 | 98 |
| 2020 | 32 | 37 |
| 2021 | 48 | 54 |
| 2022 | 47 | 57 |
| 2023 | 62 | 72 |

*3. Wat brauch d'CNS un Informatiounen, fir esou een Remboursement ze geneemegen?*

Wat déi noutwenneg Begrënnung ugeet, op Basis vun där d'CNS decidéiert wéi eng Fäll en Charge geholl ginn, ass ze präziséieren dat et duergeet wann den Dokter eng Justifikatioun ugëtt mat engem prezise medezinesche Grond.

Déi meescht Fäll déi d'CNS akzeptéiert hänken haaptsächlech mat Situatioune wéi Neigebuere mat héijem Féiwer, Patiente mat palliativer Betreiung, ofhängeg Persounen (Methadon Programm) a Consultatiounen no enger Hospitalisatioun zesummen.

*4. Wier eng speziell Reeglung fir Patienten, déi medezinesche Cannabis kréien oder z.B. eng Kriibsbehandlung maachen, an den Aen vun der Ministesch sënnvoll? Wa jo, wäert d'Ministesch dës emsetzen? Wa nee, firwat net?*

Wéi aus der Äntwert ënnert der Fro n°3 ervir geet, accordéiert d'CNS all Kéier wann eng medezinesch Argumentatioun virläit, den Depassement vun der Limitt, sou datt de Moment kee Bedarf besteet fir déi aktuell Dispositioun ofzeänneren.

Lëtzebuerg, den 16. Abrëll 2024

D'Ministesch fir d'Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez